



Newsletter No 6/2021 (Mee)

Tjo, ze fréi gefreet ! Elo hate mir geduecht mir wärend endlech iwwert de Bierg a kënnen eise Programm onageschränkt duerchzéien a scho gi mir nees ausgebremmst. Eis Schottland-Tour kann och dëst Joer nach net duerchgefouert ginn, an obwuel mir all geimpft sinn ass et op der britescher Insel z.Z. nach net évident a well mir ënner kengen Emstänn eng Quarantän riskéiere wëllen, loosse mir et dëst Joer léiwer sinn. **Eis XXL-Schottland-Rees gëtt also och nach eng 2. Kéier verréckelt an ass dann elo dat nächst Joer – an zwar vu Mëttwochs, de 15. bis Mëttwochs den 30. Juni 2022.**

Doduerch bedéngt huet dann elo, an deene leschten Deeg, **eis Atlantik-Tour vum 23. bis 27. Juni** e groussen Zoulaf fond **a war dunn och am Nu ausgebucht**. Esou ass dat, wa jiddereen Loscht huet Moto ze fueren an deen een Tour fällt aus; da wëllen déi meescht trotzdem nach Moto fueren, also am léifste gläich op den nächsten Tour eriwwer switchen.

Et stinn déi nächst Wochen a Méint awer nierft e puer Dages- an Nomëttestouren, eise Feierowendtiercher an dem leschte Startertour och nach e puer gréisser Touren um Programm. Ween also Loscht an Zäit huet, elo wou mir endlech nees kënnen reesen, kuckt iech de Programm un a mellt Iech w.e.g. gläich un. Bei e puer Touren gëtt et elo schon enk!

Fir eisen **XL-Summertour vum 30. Juli bis den 8. August geet et elo definitiv an d'ERZGEBIRGE, also duerch Däitschland an Tschechien**. Dës TOUR vun 10 Deeg (a ronn 4000km) féiert duerch d'Grenzregioun (D&CZ) - duerch Nordböhmen, d'Elbsandsteingebirge, d'Sächsisch Schwäiz, d'Fichtelgebirge an um Enn och nach duerch den Thüringer Wald. Bis dato si **schon 11 Leit ugemellt**, also ass och déi **Tour gläich ausgebucht!**

Eng **verlängert Weekend-Tour op Rudesheim** hu mir Enn September (**24. – 26.**) „am gëllenen Hierscht“ nach an de Programm bäigesat. Mat e besser Chance ass d'Wieder jo dann nach richtig gutt fir e puer Deeg duerch d'Wäinregiounen vu Mosel a Rhän ze cruisen.

Da wëll ech awer och nach 1 x op déi **3 Motostouren vum ACL** hiweisen:

1. e **WE-Tour laanscht Mosel a Rhän** mat enger Iwwernuechtung, **de 17. an 18. Juli**; *(nach 2 fräi Plazen)*
2. eng **verl. WE-Tour am Schwarzwald** mat 3 Iwwernuechtungen, **vum 26. bis 29. August**, an;
3. eng **Wochentour duerch d'Bierger „Route des Grandes Alpes“ vum 4. > 12. September**; *(nach 4 Plazen)* mat 8 Iwwernuechtungen, (éischter eppes fir déi méi verséiert an erfuerer Biker), wou natierlech och Memberen vum BMW Moto Club erwünscht sinn. Et handelt sech hei jo ëm eng Zesummenaarbecht mat eise Sponsoren WLTT (We love to travel - Voyages Sales Lantz) an dem ACL (Automobile-Club). **Buchungen:** bei all „We love to travel“ Reesbüro an iwwer Tel.: **50 10 50**, oder per E-Mail un acl@weloveto.travel. - **Weider Informatiounen:** iwwer www.acl.lu/mitgliederreisen.

An och eise Saisonofschloss „Ab in den Süden“ ON- an OFF-Road an Andalusien vum 26. Oktober bis de 6. November steet elo. Kann een kombinéiert oder eenzel buchen! – an zwar elo schon! Déi éischt 8 Leit si schon ugemellt, „Avis aux amateurs“!

Bis dann, bei enger vun eise ville Sortien oder villäicht gläich nees 1 x op engem gemittleche **Clubowend**, Donneschdes-Owes **an eisem Clublokal**, der Pizzeria „Terra Promessa“ op der Sandweiler-Gare. Et steet jo nees eng Lockerung un an do gëtt et jo och eng flott Terrasse am Fräien, an Temperatur passt jo och scho bal.

Alain BURG, Präsident



Programme (suite)

03.07.		----	Sa.	Nachmittagstour	AB	14:00	Total	Windhof
08.07.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 4	YO	17:30	Total	Contern ZI
11.07.		----	Sa.	Relax-TAGESTOUR	SM	09:30	Total	Merscherberg
15.07.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 5	SM	17:30	Total	Merscherberg
17.07.	+	18.07-	Sa.+So.	ACL-Mosel-Rhein-Tour	ACL	09:00	Esso	A1 Wasserbillig
24.07.		----	Sa.	STARTERTOUR 9	MM	14:00		Dommeldange
30.07.	>	08.08.	Fr.-So.	XL-Summer-Tour ERZGEBIRGE	AB	08:30	Esso	Wasserbillig A1
12.08.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 6	CJ	17:30	Total	Merscherberg
14.08.		----	Sa.	TAGESTOUR (Hohes Venn)	MM	09:00	Aral	Friedhaff
21.08.		----	Sa.	Nachmittagstour	JN	14:00	Total	Windhof
26.08.	>	29.08.	Do.-So.	ACL-SCHWARZWALD-TOUR	ACL	08:00	Esso	Schengen
02.09.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 7	JPS	17:30	Gulf	Junglinster
04.09.	>	12.09.	Sa.-So.	ACL-Tour Route des Grandes Alpes	ACL	08:30	Texaco	N31 Dudelange
16.09.			Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 7	SM	17:30	???	
18.09.		----	Sa.	TAGESTOUR (durch Luxemburg)	MM	09:00	Aral	Bour
19.09.		----	So.	Nachmittagstour mit Grillabend	AL	14:00	???	
24.09.	>	26.09.	Fr./So.	verl. WE-Tour nach RÜDESHEIM	AB	???	Esso	Wasserbillig A1
02.10.		----	Sa.	Nachmittagstour	MM	14:00	Esso	Sandweiler
07.10.		----	Do.	Night-Glow	AB	17:30	Parking	Dommeldange
09.10.		----	Sa.	Nachmittagstour	AB	14:00	Aral	Steinfort
17.10.		----	So.	Letzte Tagestour (Saisonschluss)	AB	10:00	Aral	Steinfort
24.10.		----	So.	Trëppeltour Hierscht 1	AB	10:00	???	
26.10.	>	02.11.	Di.-Sa.	On-Road-Tour Andalusien	AB	07:00	Vol	Aéroport
02.11.	>	06.11.	Di.-Sa.	Off+Road-Training+Tour	AB	07:00	Vol	Aéroport
15.06.	>	30.06.	Mi.-Mi.	XXL-SCHOTTLAND-Tour 2022	AB			

Dat Wichtigst bei all eisen Touren a Reesen: Mellt Iech w.e.g. mat Zäiten un!

Mir probéieren eise Programm duerch ze zéien wéi hei ugekënnegt, awer falls et am Laf vun de Wochen a Méint nees néideg sollt sinn, e puer Aktivitéiten ze sträichen oder ze verréckelen, da maache mir dat no deem gewinnte Modus operandi an Dir gitt iwwer Newsletter, zäitno heiriwwer informéiert! Et ass och net ausgeschloss, dass ev. nach déi eng oder aner méi kleng Saach bäikënnt.

Et ass a bleift also wichtig, dass Dir regelméisseg eis Homepage besicht an eis Newsletter liest, fir permanent informéiert ze sinn; Merci.